## 58ten WM  Boot fëschen Novigrad Kroatien vum 30.09 bis 7.10.2023

*04.10.2023 Bericht vum Giovanni Micucci*

Haut hate mir eisen zweeten Compétitiounsdag .

Haut ass et net esou gelaf wéi erwaart. De René, André an Jemp hunn e Boot erwëscht wou ganz wéineg Fësch gefaange goufen. An dem Fall kann wéineg Fësch ganz vill en Ënnerscheed maachen.

An eisem Fall war Chance haut net op eiser Säit. Och domat muss en Liewen. De René an de Jemp sinn net iwwert déi 6ten Platz op hirem Boot komm, an domat Platz 53 an 58 an der Eenzelwäertung komm.



Den André huet et awer fäerdeg bruecht en Konkurrent aus San Marino hannert sech ze loossen, an domat Platz fënnef op sengem Boot an Platz 53 an der Eenzelwäertung.

Ech hat dann haut och e schwéiert Boot gehat, an der Hoffnung wéinstens eng dräi op mengem Boot ze erreechen. Mat 123 Fësch hunn ech haut mäin Ziel erreecht. Drëtten op mengen Boot ze ginn an domat 23ten an der Eenzelwäertung.

Wat Natioun ‘s Klassement ugeet, hu mir haut e bëssen gelappt, awer trotzdeem net déi lescht ginn. Platz 11 fir Team Lëtzebuerg.

Muer hu mir wëlles nach eppes gutt ze maachen an ënnert topp 10 ze kommen.
Weider Resultater fann Dir ënnert [https://www.fips-m.org/](https://www.fips-m.org/)